N°3198
Entrée le 17.12.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, Yuriko Backes op d'parlamentaresch Fro n°3198 vum 17. November 2025 vum Här Deputéierte Marc Goergen.**

Den honorabelen Deputéierte stellt Froen iwwert déi erlaabten THC-Wäerter am Stroosseverkéier.

*Wäerten déi erlaabten THC-Wäerter am Stroosseverkéier hei zu Lëtzebuerg an Zukunft no uewen ugepasst ginn?*
*Falls jo, wéini?*
*Falls nee, mengt d'Ministesch, dass d'Approche vun eisen däitschen Nopere falsch ass?*

D’Regierung plangt am Moment net fir déi aktuell Grenzwäerter fir THC déi de Code de la Route virgesäit ze modifizéieren. Ech erlabe mir fir an dësem Kontext och nach emol op meng Äntwerten op déi parlamentaresch Froen Nr. 560, 760 an 1030 zu dem selwechte Sujet ze verweisen.

Wéi schonns an dëse Froe geschriwwen, weisen zum Beispill Studie vun der Universitéit Yale bei Chaufferen déi Cannabis konsuméiert haten negativ Auswierkungen op d’Steieren a Kéieren, eng Verschlechterung vun der Reaktiounszäit beim Bremsen oder och nach eng Verschlechterung bei der Fäegkeet fir d’Spuer ze halen, fir der nëmmen e puer ze nennen. Opgrond vun dësen Erkenntnisser ass dofir, am Sënn vun der allgemenger Verkéierssécherheet, keng Ännerung vun der lëtzebuergescher Gesetzgebung an dësem Beräich geplangt

Lëtzebuerg, de 16. Dezember 2025

D’Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes